PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: CLEMENT Sven

Projet de loi 8309

Mise en place d'un reporting de mise en oeuvre du DSA

Lëtzebuerg, den 02/04/2025

1

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- Den Gesetzesprojet № 8309 fir d'Ëmsetzung vum europäesche Reglement "Digital Services Act" (DSA) eng wesentlech Influenz op d'digital Rechter vun de Lëtzebuerger Bierger huet;
- D'Transparenz an d'demokratesch Kontroll vun administrative Prozeduren a Regulatiounen am digitale Beräich vital sinn fir d'Vertraue vun de Bierger an den digitale Rechtsstaat;
- D'Konkurrenzautoritéit als "Digital Services Coordinator" bedeitend nei Kompetenzen iwwerhëlt, déi en direkten Impakt op d'Meenungsfräiheet an d'Zougänglechwerdung vun Informatioun am digitale Raum huet;
- D'Artikele 51 an 52 vum DSA-Reglement (EU) 2022/2065 den nationalen Autoritéiten beträchtlech Pouvoiren ginn, déi ënner enger demokratescher Kontroll musse stoen;
- D'Entscheedungen am Kader vun Artikel 14 vum Gesetzesprojet № 8309 besonnesch sensibel sinn a potenziell konsequent Aschränkungen vun der digitaler Meenungsfräiheet duerch temporär Spärrungen erméiglechen;
- D'Noutwennegkeet vun enger demokratescher Kontroll iwwert d'Ausübung vun neie Regulatiounskompetenzen am digitalen Ëmfeld;
- D'Wichtegkeet vun Transparenz a Rechenschaftsflicht bei all Mesuren, déi d'Grondrechter, besonnesch d'Meenungsfräiheet an den Zougang zu Informatioun beaflossen;
- D'Beméiung fir eng zäitgeméiss a biergerno Ëmsetzung vun europäesche Reglementer, déi den demokrateschen a rechtstaatleche Prinzipien entsprécht;
- D'Erkenntnis, dass d'Vertraue vun de Bierger an d'Institutiounen, déi fir d'Regulatioun vum Internet zoustänneg sinn, nëmme duerch maximal Transparenz kann erreecht ginn.

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. Ëmzesetzen datt de "Digital Services Coordinator" an all aner am DSA-Kontext aktiv Autoritéiten verflicht ginn, all zwiellef Méint en ëmfaassenden Aktivitéitsrapport ze publizéieren, deen ëffentlech zougänglech gemaach gëtt;
2. Virzegesinn, dass dës Aktivitéitsrapporte mindestens folgend Elementer enthalen:
    1. Eng detailléiert Iwwersiicht iwwert all Demanden a Beschwerden, déi am Kader vum DSA bei der Autoritéit agereecht goufen, mat statisteschen Donnéeën iwwert d'Unzuel, d'Kategorien an den Ausgang vun dëse Prozeduren;
    2. Eng komplett Lëscht vun all Demanden un d'Serviceprovider fir d'Läsche vu Contenuen oder d'Aschränkung vun Zougäng zu digitale Servicer, mat jeweilegen Begrënnung an Rechtsgrondlag;
    3. All Fäll vu grenziwwerschreidender Zesummenaarbecht mat aneren DSC'en oder der EU-Kommissioun, aschléisslech den Objet an d'Resultat vun dëser Zesummenaarbecht;
    4. Eng komplett Lëscht vun allen temporären Spärrungen, déi am Kader vum Artikel 14 vum Gesetzesprojet ugefrot oder ëmgesat goufen, mat detailléierter Begrënnung an enger evaluatioun vum Impakt op d'Grondrechter;
    5. Eng Opstellung vun den am Kader vum DSA erhuewen Sanktiounen an Amenden;
3. Virzegesinn, dass dës Aktivitéitsrapporte virun der zoustänneger parlamentarescher Kommissioun presentéiert an diskutéiert ginn, an dass bei dëser Geleeënheet de President vun der Konkurrenzautoritéit als DSC den Deputéierten zur Verfügung steet fir Froen ze beäntweren;
4. Den nationale Koordinatiounsgrupp, wéi am Gesetzestext virgesinn, ze verflichten, eemol pro Joer en eegestännege Rapport iwwert d'Koordinatioun tëscht den Autoritéiten am Kader vum DSA ze publizéieren, deen och d'Effizienz vun den ëmgesetzte Mesuren an hiren Impakt op d'Biergerrechter evaluéiert.

Sven CLEMENT    Ben Polidori